

## **SNE/CGFP Infomail**

Léif Kolleeginnen a Kolleegen,

De MENJE huet des Woch an enger Circulaire un d'Enseignanten säin 2-Phasen-Dispositif präsentéiert fir Léier-Retarden, déi duerch de Confinement bei verschiddene Kanner entstanen sinn, opzeschaffen. Dëse Modell gesäit an enger éischer Phas vir, dass virun der Rentrée Nohëllefcoursen vun Enseignanten an/oder vun aneren Intervenanten ugebuede ginn.

Dem SNE/CGFP ass et wichteg, seng Memberen an dësem Kontext seng Positioun zoukommen ze loossen.

Jo, d'Enseignanten hunn no der Reprise vun der Schoul bei verschiddene Kanner Léier-Retarden festgestallt! Den SNE/CGFP ass sech bewusst, dass do muss gehandelt ginn.

Net onwichtig ass et ze erwänen, dass duerch de Confinement och Ongläichheeten bei de Léierprozesser entstanen a verstärkt gi sinn.

### **A) Zum pedagogesche Volet**

Déi vum Minister proposéiert Rattrapage-Mesuren an der Schoulvakanz riskéieren dës Ongläichheeten net opzefänken, mee si kéinten dës esouguer nach verstärken. Mat enger fir d'Kanner fräiwëlleger Offer ausserhalb vun de Schoulzäiten erreeche mir net onbedéngt déi Kanner, déi dës Hëllef wierklech brauchen. Mir laafen esouguer Gefor, dass ebe grad déi viséiert Kanner net vun dëser Offer Gebrauch wäerte maachen.

Dofir plaidéiert den SNE/CGFP fir op de Wee vun engem zousätzleche Contingent - engem sougenannten COVID-19-Supplement - fir all d'Schoulen ze goen fir d'Retarden bei enger Rei vu Schüler opzehuelen.

Zousätzlech Ressourcen am Kader vum Contingent géifen et de Schoulen an den Enseignanten erlaben, een Appui opzestellen fir déi festgestallte schoulesch Retarden am Laf vum 1. Trimester opzehuelen. All Kanner kéinten esou d'ganzt Schouljoer während der Schoulzäit an hirem Léieren besser ënnerstëtzt ginn.

Een zousätzleche Contingent wier eng nohalteg Measure an géif et erméiglechen, d'Schüler méi effektiv an hirem Léierprozess ze begleeden a verschidde Lerninhalte opzeschaffen oder nozehuelen. Esou en zousätzleche Contingent wier an den Ae vum SNE/CGFP och déi eenzeg Méiglechkeet fir sécher ze stellen, dass all Kand, dat e Rattrapage néideg huet, och an de Genoss vun dësem kënnt.

Den SNE/CGFP ass ausserdeem verwonnert, dass an der Circulaire vum Menje kee Wuert iwwert d'Kanner aus dem Zykel 1 an aus de Kompetenzzentren, respektiv iwwer déi vulnerabel Kanner verluer gëtt. Eng Fro, déi sech stellt, ass ob do och eventuell Mesurë virgesi sinn.

### **B) Zum organisatoresche Volet**

- Fir den SNE/CGFP ass et kloer, dass keen Enseignant ka gezwonge ginn, deen ugekënnegte Rattrapage halen ze mussen. Fir d'Enseignanten muss et garantéiert sinn, sech op fräiwëlleger Basis an ouni Drock vun den Direktiounen fir dës zousätzlech Prestatiounen anzeschreiwen.
- Dem Titulaire de classe seng Aarbecht muss sech dorobber beschränken, déi concernéiert Kanner ze detektéieren, d'Fach vum Rattrapage ze determinéieren an d'Elteren iwwer déi proposéiert Measure z'informéieren. Fir den SNE/CGFP wäer et en absolutten Nogo, wann d'Titularen och nach d'Inhalte vun de Rattrapage-Course festleeën a sech ëm d'Organisatioun vun de Course këmmere missten.
- D'Organisatioun vun dësem Appui kann och net erëm op de President oder d'Membere vum Schoulcomité zeréckfalen. Den SNE/CGFP wëll nach eng Kéier ënnersträichen, dass d'Presidenten an d'Schoulcomitéen dëst ganz Schouljoer mat engem immensen Aarbechtsofwand ze kämpfen haten an et net verrietbar ass, si nach emol mat enger zousätzlecher Tâche ze belaaschten. Si duerfen op kee Fall fir d'Organisatioun vun de Coursen an de Raimlechkeeten eru gezu ginn, an dat besonnesch well am September déi nei Rentrée 2020-2021 (déi drëtt an 12 Méint, mat villen Inconnuen) preparéiert muss ginn.

Mat frëndleche Gréiss,

De Comité central vum SNE/CGFP